ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 07/02/2026

Commission du vivre-ensemble interculturel vum 03/02/2026

Presenzen

Présent	Absent
Block Stefanie Brandenburger Rosie De Rocco Magali Kinnen Sandrine Leches Max Leurart Ann Peiffer Véronique Pinto Toni Ruppert Lydie Sadler Marie (Sekretärin) Ungeheuer – Origer Sylvia	

1. Neiwiel President(in)

Fir dëse Punkt vum Ordre du jour war de Schäfferot präsent: Mangen Paul ; Splicks Emile ; Baus Ben.

D'Neiwiel fir een/eng néi(en) President(in) gouf iwwer e Bréif vu 6 Membere vun der Kommissioun beim Schäfferot ugefrot. Doropshin hunn Neiwale stattfonnt, wou sech 2 Persoune fir de Poste President gemellt hunn. D'Resultat ass follgendermoosse:

5 Persounen hu fir d'Kinnen Sandrine gestëmmt, 3 Persoune fir d'Peiffer Véronique an 1 Persoun huet sech enthalen. Domat ass d'Kinnen Sandrine néi Presidentin vun der Kommissioun. D'Brandenburger Rosie ass vu sengem Posten als Vize=Presidentin zréck getruede ➔ doropshin huet De Rocco Magali sech fir dëse Poste gemellt.

2. Ofschloss + Retour Stäreverkaaf 2025

Et gouf e Probleem op der Gemeng mam Verbuche vum Stäreverkaaf. D'Gemeng konnt nemei rëmfanne wéi si de Stäreverkaaf déi läscht Joren verbucht hunn. D'Véronique huet eis e ganz detailléierten Decompte matbruecht, deen et per Mail un de Schäfferot geschéckt huet.

Helperknapp, 07/02/2026

Fir de Fonds de caisse an de Payconiq ass et der Gemeng hire Rôle eis dësen zur Verfügung ze stëllen. Et soll kee Member aus der Kommissioun de Fonds de caisse stëllen oder seng Nummer fir de Payconiq ginn.

3. Organisatioun Pot de Bienvenue 12.03.2026

Fir de Kaddo fir d'Soirée de Bienvenue, hate mir scho per Whats App ofgestëmmt. Hei gouf sech fir e Brietche mam Logo vun der Gemeng entscheet. D'Laetitia freet eng Offer un a léist eis déi per Mail zoukommen. Eis Iddi war et fir nach Hunneg dobäi ze maachen, heifir waarde mir Deadline of fir ze wësse wéivill Léit sech ugemellt hunn.

Betreffend d'Veräiner, hate mir d'Propose dass déi solle kuerz vum Sandrine ernimmt ginn an déi déi wëlle kënnen e Stand maachen.

Fir d'Presentatioun hu mir festgehaalen, dass déi ze laang ass. D'Sandrine freet dass jiddereen sech se nach eng Kéier am Detail ukuckt a mir him e Feedback per Whats App maache bis de 05/02.

Mir haten d'Propose dass e QR Code an d'Entrée gehaang gëtt, deen e scanne ka fir dass jiddereen d'Presentatioun huet.

Mir wéilten d'Gemeng froe fir Etiketten ze kréie wou eisen Numm drop steet an d'Sproochen déi mir schwätzen. Wier dëst méiglech?

Mir géingen de pots à idées vum leschte Joer ersetzen duerch e QR Code → Wier et méiglech dass d'Gemeng sech hei drëms këmmert?

Mir géingen och proposéieren dass d'Léit e Gedrénks zerwéiert kréien, direkt wann se rakommen.

4. Zukünfteg néi Projeten fir 2026

Dëse Punkt gouf verréckelt op déi nächst Versammlung.

5. Nächst Versammlungen:

Donneschden, 26/03 um 19:00

Donneschden, 11/06 um 19:00

Donneschden, 24/09 um 19:00